

C3L: Nei Identitéitskaarte respektéiere Privatsphär net!

24.06.2014, 09:39 | Fir d'lescht aktualiséiert: 24.06.2014, 11:58

De Chaos Computer Club Lëtzebuerg ass net frou iwwert déi nei Identitéitskaarten. Déi géifen d'Privatsphär net respektéieren.



© Eldorado

De Chaos Computer Club Lëtzebuerg ríft jiddereen dozou op, sech nach virum 1. Juli eng Identitéitskaart ouni Chip ze bestellen.

Den digitaliséierten Auswäis wier just e weidert technesch Geschir, dat d'Privatsphär vun de Leit staark géif beaflossen, heescht et an engem Communiqué.

Et hätt jo och virdu mat den ale Kaarten alles geklappt, et géif also kee Grond ginn, elo alles ze digitaliséieren.

Wann een elo nach virum 1. Juli säin alen erneiere léisst, kritt ee jo nach eng Kaart am ale Format, déi dann nach emol 10 Joer gutt ass. Bis dohinner géif ee jo da gesinn, wat déi nei Versioun bréngt, esou de Chaos Computer Club.

Linken

[LINK: De Communiqué vum Chaos Computer Club](#)



© Eldorado



